

Wëllplanzesom Lëtzebuerg

Ufank Mee ass den idealen Zäitpunkt fir eng Wëllblummewiss am Gaart unzeleeën. Dobäi ass et wichteg op eng Geseemsmëschung zeréckzegräifen, déi nëmmen Aarten enthält, déi och natierlech zu Lëtzebuerg virkommen. Des Planze sinn net just am beschten un déi lokal Standuertverhältnisser ugepasst, mee stellen zousätzlech eng wichteg Nahrungsquell fir déi heemesch Insekten duer.

D'Gemeng Waldbëlleg engagéiert sech aktiv fir den Aarteschutz andeems si lech gratis kleng Geseems-Titercher vu „Wëllplanzesom Lëtzebuerg“ zur Verfügung stellt. Dës kënt Dir mat enger klenger Explikatioun derzou op d'Gemeng (7, Fielserstroos L-7640 Christnach) siche kommen.

Méi Informatiounen zu deenen eenzelnen Geseems-Mëschungen an zum Uleeë vun enger Wëllblummewiss fannt dir hei: www.wellplanzen.lu